Luxembourg, 16.06.2021

ALEPS asbl

Association Luxembourgeoise des Enseignants pour Professions de Santé

Hearing : Chambre des députés 16.06.2021

Reform vun der Ausbildung vun den Gesondheetsberuffer:

Gebastelts à la sauce luxembourgeoise…!

D'ALEPS, d'**A**ssociation **L**uxembourgeoise des **E**nseignants **P**our **P**rofessions de **S**anté asbl, déi sech zanter 2001 fir d'Qualitéit an der Ausbildung vun de Gesondheetsberuffer zu Lëtzebuerg asetzt, kontestéiert di aktuell proposéiert Reform .

Als ALEPS fuerderen mir zanter Joren e koherenten Opbau vun deenen Formatiounen an Zesummenaarbecht mat de Berufsassociatiounen.

Duerch d'Presse an den Communiqué vun der Regierung goufen mir iwwer d` Zukunft vun de Formatiounen informéiert …

Am CIM (Comité Interministériel) deen des Reform opgestallt huet, sutz net emol ee Vertrieder aus der Formatioun vun den Gesondheetsberuffer mat um Dësch!

Mir froen eis op iwwerhaapt een vun den Auteuren vun dëser Reform eng Autorisation d'exercer als Gesondheetsberuffler huet ...

D'Situatioun vun de Fleegeberuffer zu Lëtzebuerg ass net roseg... 68 % Frontaliers kommen eis all Dag, zum Gléck, hëllefen fir dass eisen Gesondheetssystem kann fonctionéieren , daat bedeit awer am Kloertext dass mir total ofhängeg gi sinn vum Ausland fir d'Fleeg vun eisen Matbierger ze garantéieren!

Mir wëssen alleguerten dass wann an dëser Krise sanitär, Frankräich, d'Belsche oder Däitschland hiert d'Fleegepersonal requisitionéiert hätten, an d'Grenzen definitiv zougemaach hätten, dass dat hei bei eis am Land zu enger riseger Katastrophe gefouert haet, déi Mënscheliewen kascht haet!

Zanter Joren weisen mir schonns op des préquaire Situatioun hin, fuerderen méi Moyen'en, eng koherent Reform vun den Ausbildungen, eng groussugeluechten Sensibiliséierungscampagne fir d'Gesondheetsberuffer...an wou sinn mir drun ?

Den LTPS Siège, do wou di meeschten Gesondheetsberuffler ausgebilt gi, waart zanter elo 21 Joer op en néit Gebai, mat neien Formatiounskapazitéiten ,an méi spezialiséierten an modernen Ausbildungsraim! Ass dat normal? Wou gi hei politesch Prioritéiten gesat? Op jiddwerfalls net bei der Ausbildung vun den Fleegeberuffer!

Den Avis vum Conseil d'Etat vum 9. Mai 2017 zu dem Gesetzesprojet vum deem Lycée deen ni op der Gare gebaut ginn ass , bréngt Problematik op de Punkt:

„Comme en 2007 , le Conseil d'Etat recommande aux autorités gouvernementales d'entamer les travaux dans les meilleurs délais , afin de remédier à la situation actuelle de l'enseignement au LTPS dans la région Centre, et de contribuer avec la mise à disposition d'infrastructures adéquates à l'attractivité des formations dans le domaine de la Santé au Luxembourg ....“

Den urgenten Charakter deen den Conseil d'Etat schonns deemools ënnerstrach huet, schéngt definitiv net bei eiser Regierung ukomm ze sinn ...

D'Rentrée sollt fir 2022 sinn ...elo sinn mer schonns bei September 2024!

24 Joer fir eng immens wichteg Infrastruktur ... dat ass Rekord verdächteg!

Mais wat sinn di beschten Infrastrukturen, wann se net mat Liewen gefëllt ginn:

Fir dass mer eis Penurie à moyen terme an den Grëff kréien, brauchen mir méi Inscriptiounen, an méi Schüler an Studenten déi mat engem ugepassten Diplom hier Formatioun ofschléissen!

En Moyenne zanter dass et den BTS Infirmier gët sinn et 65-70 Diploméierter pro Joer ! Dëst Zuel geet bei wäitem net duer, an misst op 120 Diplomer pro Joer eropgeschrauft gi fir den Probleem à moyen terme ze reduzéieren.

Mir brauchen awer och méi Enseignantë , di bereet sinn sech an den Formatiounen vun den Gesondheetsberuffer ze engagéieren.

Mee fir Enseignant ze gi brauch een au départ en Bachelordiplom ...an do kommen mer dann elo bei di geplangten Reform vun eiser Regierung.

Mir fuerderen schonns zanter Joren wuel den Bachelor fir den Infirmier, mee wat eis Regierung elo proposéiert ass fir eis alles aneschtes ewéi koherent:

3 Zorten Infirmiersdiplomer fir eist Land !

1. Een Diplom „Infirmier_ière BTS“ am LTPS , een aneren Infirmier_ière „Bachelor“ op der Uni an den Infirmier-ière “plus “ als Kiischt um Kuch!

Wou ass den Ënnerscheed an den Formatiounsprogrammer an deenen 3 Ausbildungen fir dee selwechten Beruff?,

Wéi soll dat um Terrain konkret klappen? Wien mécht wat?

Wéi sollen d’Stageplazen an den Institutiounen verdeelt ginn?

Mat welchen Responsabilitéiten (Attributiounen)? Mat ënnerschiddlecher Pai?

Brauchen mir wierklech en 3 Klassensystem fir den Infirmiersberuff hei zu Lëtzebuerg?

A wei soll do d’Orientatioun klappen vun de Schüler a Studenten, bei esouvill Gewulls?

Wie kann een do eng cibléiert Sensibilisatiounscampagne starten? Fir welch vun deenen 3 Infirmièresformatiounen?

Firwat muss en infirmier mam BTS Diplom dem Modell vun der Regierung no nach 120 ECTS, daat heescht 2 Joer studéieren fir en Bachelordiplom ze kréien? en huet schonns 120ECTS mam BTS an 2300 Stonnen Praxis au lit du malade ....wat soll dann do nach an 2 Joër Formatioun dobäi kommen?

Froen iwwer Froen di op eng Äntwert waarden, an déi virun allem drop hiweisen dass di Reform net koherent ass!

2. Di 4 scho bestoend BTS spécialisés déi op den Diplom vum Infirmier opgebaut sinn (Assistant Technique Médical de Chirurgie , Infirmier en Anesthésie et Réanimation , Infirmier en Pédiatrie an Infirmier en Psychiatrie) kréien elo no 5 Joer Studium Post Bac, amplaz vun engem Masterdiplom en Bachelor spécialisé.

Ass dat eng Opwäertung vun der Formatioun?

All aneren Studium schléisst no 5 Joer mat engem Masterdiplom of (Bolognaprozess)!

Elo schonns mierken mer dass d’Inscriptiounen an den Spécilaisatiounen ofhuelen, well d’Studenten veronséchert sinn.

3. D’Hiewan krut virun kuerzem nei Attributiounen duerch déi si méi Autonomie a méi Responsabilitéit huet , wat eng Verlängerung vun de Studien op 5 Joer an e Masterdiplom rechtfäerdegt. D’Regierung gesäit leider just e Bachelor mat 4 Joer vir.

4. Awer och nach aner vill organisatoresch Froen waarden op eng Äntwert :

- Wéi eng Enseignanten halen wou Couren, op der Uni, am LTPS?
- Wien soll déi Formatiounen organiséieren? D'Ressourcen sinn elo schonns knapp!
- Di nächst 5 Joer ginn 16% vun eisen Enseignantë an d'Pensioun, an den Rekrutement bléift schwiereg... wat gëtt gemaach fir méi Enseignantë ze rekrutéieren? Oder fléien mer lauter Experts aus dem Ausland op Lëtzebuerg fir Couren op der UNI ze halen?

Mee et bléift eis jo nach Zäit bis d'Rentrée 2023/24…

Als ALEPS fuerdere mir dowéinst:

- Eng **eenzeg koherent Ausbildung** zu Lëtzebuerg fir den Infimier/ière op Bachelorniveau, esou wéi dat an deenen allermeeschten europäeschen Länner de Fall ass.
- D'Spezialisatiounen an d'Hiewansformatioun op Masterniveau!
- D'Ofschafen vum BTS Diplom fir den Infirmier (ab 2024)
- Eng koherent Reform vun all den Ausbildungen am Gesondheetssecteur déi mat den Acteuren aus der Formatioun opgebaut gëtt op Basis vun kloer definéierten Attributiounen ! (cf Tableau en annexe)
- D'Transformatioun vum LTPS zur « Ecole Nationale pour Professions de Santé du Luxembourg (ENPSL) » déi an enker Collaboratioun mat der Université du Luxembourg déi nei Bachelor- an Masterformatiounen **Zesummen** ausschaffe soll.

- Eng cibléiert grouss ugeluechten **Sensibilisatiounscampagne** fir d'Formatiounen vun den Fleegeberuffer.

  Och do ass een koherenten Ausbildungsmodell eng néideg Konditioun fir jonk Léit eng kloer an réel Perspektiv ze ginn.

  Wat den Ausbildungsmodell méi koherent ass, wat en besser sensibiliséieren kann!

  Net ze vergiessen dat och d'Arbechtkonditiounen an deem Beruff eng wichteg Roll am Choix fir dësen esou wertvollen Beruff sinn. Wat d'Aarbecht um Terrain méi Freed mécht, an d'Aarbechtskonditiounen besser sinn, wat een méi Léit kann sensibiliséieren fir een Fleegeberuff.

  Duerch eng besser Formatioun waert d'Fleegequalitéit fir den Patient, Client an Résident erop goen, waat , contrairement wei vill Léit mengen, à long terme zu enger Réductioun vun den Käschten féiren waert !

Den Här Meisch sot an der Pétitiounscommissioun, dass een en Patient deem et net gutt geet (an desem Fall d'Formatiounen vun den Gesondheetsberuffer) fir d'éischt stabiliséieren misst, an dofir géif hien den BTS bäibehalen, an 2028 eng Evaluatioun machen !

Mir sinn der Meenung dass den Patient schonns iwwer 20 Joer an engem vegetativen Koma léit, an dass hien keng homeopathesch Reform, mais eng couragéiert Schocktherapie braucht!

Mir hun keng Zäit fir bis 2028 ze warden ...dei wichteg Décisiounen mussen elo direkt geholl gin, soss ass et definitf ze spéit!

Dei vun der Regierung proposéiert Reform féiert zu engem Ausbildungschaos, deen sécherlech net dozou bäidréit fir d'Situatioun ze verbesseren… bien au contraire!

D'Schüler, d'Studenten, an d'Enseignantë ginn ganz turbulenten Zäiten entgéint falls des Reform sollt Realitéit gi.

All d'Berufsassociatiounen an d'Gewerkschaften aus dem Gesondheetssecteur stinn zesummen fir ze fuerderen dass des Reform iwwerschafft muss ginn an den BTS verschwannen muss!

Zum Schluss géif ech en Extrait zitéiren aus dem Annette Kennedy, Präsidentin vum ICN

(International Council of Nurses), senger „Open Letter to G7 Leaders „vum 2 Juni 2021:

„We can't change the past , but we do not have to repeat it. To honour those nurses who lost their lives while courageously caring for others, now is the time for you to make a real difference. The world's nurses are calling on you to make the Global Strategic Directions for Nursing an Midwifery a priority, so that we can create a better, safer, healthier and more economically stable future for us all !

Please, do the right thing now, before it is too late!"

D'ALEPS ass prett fir mat ze diskutéieren an ze verhënneren, dass dee leschten Lëtzebuerger Gesondheetsberuffler geschwënn am Musée steet!

Merci fir äert nolauschteren.

Comité vun der ALEPS

Organigramme futur des formations de l'ENPSL
Ecole Nationale pour Professions de Santé du Luxembourg
selon ALEPS